

Abrëll 2011 N°27



Fäschber
Gemeengeblat



Layout: Ren Spautz

Redaktion: Dany Hermes, Andrea Wagner, Georges Brosius, Marc Kolber, Roland Miny, Ren Spautz, Frank Weyrich.

Mitarbeiter: Luss Brosius, Patrick Delmarque, Kamille Kohn, Mich Daems, Al Theisen, Marie-Jeanne Schlechter, Edmond Haas, Serge Hoffmann, Jeff Spiewak, Marco Stacchiotti, Marie-Louise Haas, Alain Dichter, Olivier Molitor, Paul Provost, Laura Weyrich.

Druck:

Faber-Print services & solutions
Mersch

Seite 1: Foto vum Joëlle Rech
Seite 2: Inhaltsver. & Virwuert
Seite 3: Maison Relais Schous
Seite 4: Vitarium
Seite 5: Fielser Biddestëpp
Seite 6: Lehre-Eltern-Seminar
Seite 7: Lehre-Eltern-Seminar
Seite 8: Gemeinderatssitzung
Seite 9: Infos Vacances, Scheck
Seite 10: Soirée amicale
Seite 11: Soirée amicale
Seite 12: Spillschoulsjoffer
Seite 13: Spillschoulsjoffer
Seite 14: Liichtmëssdag
Seite 15: Schoulweebegleeder
Seite 16: Schoulweebegleeder
Seite 17: Schoulweebegleeder
Seite 18: Kannerfuesbal
Seite 19: Kannerfuesbal
Seite 20: Nei Homepage
Seite 21: Buergbrennen
Seite 22: Hobby-Säit
Seite 23: Hobby-Säit
Seite 24: Hierkeniessen
Seite 25: Grouss Botz
Seite 26: De Spiecht
Seite 27: De Spiecht
Seite 28: Kinder kochen
Seite 29: Gemeinderatssitzung
Seite 30: 100 Joer Pompjeeën
Seite 31: 100 Joer Pompjeeën
Seite 32: 100 Joer Pompjeeën

Titelphoto: Joëlle Rech

Foto Seite 2: Mill Majerus,
© Tageblatt

Léif Biergerinnen a Bierger,

Et ass mir wéi wann d'Joer 2011 eréischt ugefaangen hätt an dobei hu mir scho méi ewéi en Drëttel hannert eis.

Mir hunn e Fréijorsufank erlieft, mat ville Schicksalsschléi, déi sech och am Alldag vun eiser Gemeng wäerten ofzeechnen.

D'Akzident vun eisem Gemengenaarbechter, dem Här Nico Erpelding geet eis no.

Nach ëmmer ass hien net iwwert de Bierg a mir alleguer, am besonneschen awer seng Mamm, seng Schwësteren a seng ganz Famill maachen sech grouss Suergen ëm hien.

Mir denken u si a wënschen hinne vill Kraaft an Zouversicht.



Den trageschen Doud vum Här Députéierte Mill Majerus, engem gudde Frënd vu ville vun eis, huet eis déif getraff.

Obwuel den Alldag eis ëmmer erëm weist, wéi no Freed a Leed zesummeleien, sou si mir awer schockéiert iwwert säi brutaalt Fortgoen.

Seng vill gudd Iddien, säin onermiddlechen Asaz, seng onbegrenzten Disponibilitéit, seng flott Sprooch a säi fondéiert Wëssen, wäerten eis nach laang feelen.

Et fällt schwéier weiderzefueren mat all eise Pläng, och déi fir d'Centenairesfeierlechkeete vun onse Pompjeeën, an dach musse mir weidermachen, et ass a sengem Sënn.

Mir wäerten an enger nächster Editioun op säi Liewen a Schaffen an eiser Gemeng am Detail agoen.

Den 29. Juni ass e Biergerinformatiounsowend am Veräinshaus.

Den aktuelle Scheffen- a Gemengerot wäert Iech do en informative Rëckbléck präsentéieren an interessant Neiegkeete virstellen.

Marianne Brosius-Kolber

Mir trauern ëm de Mill Majerus





Maison Relais

3 Méint bis 3 Joer zu Schous

Enn vum Joer 2010 ass zu Schous um Bau vun der Maison Relais fir Kanner vun 3 Méint bis 3 Joer, d'Strauss gefeiert ginn.

A Präsenz vun der Buergermeeschtesch, dem Marianne Brosius-Kolber, de Scheffe Rosch Braun a Marco Karier, de Gemengeréit Claude Trausch a Ren Spautz, dem Sekretär Patrick Delmarque, dem Gemengentechniker Romain Beckers, de Gemengenaarbechter Laurent Degraux, Mike Karger an Nico Erpelding, konnte si sech en Androck vun den Aarbechte maachen.

Den Architekt, den Egede Henx vum Büro Erpelding & Henx Architectes s.à.r.l vun Esch-Uelzecht, huet hinnen a Präsenz vu Mataarbechter vum Büro Tecna SA (Statik), dem Büro Dalzotto & Associes s.à.r.l. (Technik) an dem Büro Best (Sécherheet), déi néideg Erklärungen zum Fortschrëtt vun den Aarbechte gemaach.

D'Terrassementaarbechte si vun der Entreprise Mangan Constructions SA gemaach ginn an d'baulech Ëmännerunge gi vun der Entreprise Gerard-Mergen gemaach.

Statesch gesinn war d'Gebai an engem schlechten Zoustand, well bei Transformatiounsaarbechten déi ierwescht Dunn vum Daach ewech geschnidde ginn ass, an dofir si Rëss entstanen, déi mat der Zäit ëmmer méi grouss goufen. Bei den aktuellen Aarbechten ass gemierkt ginn, datt en Eck vum Gebai just nach do houg. Dofir huet missen eng nei Fondatioun gemaach ginn an de Giewel ass nei opgebaut ginn.

Fir d'Aarbechten un der Maison Relais ginn et awer och vun deenen eenzelne Ministäre Subsidien. Et ass dat de Ministère de la Famille (Miwwelen a Spillplaz), de Ministère de l'Agriculture-Développement rural a Ministère de l'Environnement (Photovoltaik-Anlag), an de Ministère de la Culture fir d'Architektur vum alen Deel vun der Schoul.

Bei Gegrilltem a killem Béier, dee bei Minustemperaturen dobaussen an och am Bau, net huet missen extra gekillt ginn, ass dës kleng awer informativ Feier ausgeklungen.

Text a Fotoen: Ren Spautz

Vitarium

bei der Luxlait um Rouscht

Mir waren e Samsden, den 11. Dezember 2010 op eisen Ausflug mat de Föschber Pompjeeën.

Um Programm stoung d'Visite vum "Vitarium" vun der Luxlait um Rouscht.

Et ass eng flott interaktiv Visite ginn, wou mir gewur goufen, wéi all déi verschidde Mëllechprodukter gemeet ginn.

Duerno konnte mir eis nach op verschiddene Spiller austoben an eng schneekeg Stäerkung zou eis huelen.

Als Ofschloss wore mir bei den Neptwone eng gutt Pizza iessen.

Text a Fotoen: Luss Brosius





Kuebennascht a bei de Kueben

Bis den 31. Dezember 2010, ass eis Maison Relais, esou gutt déi „non-scolarisée“ ewéi och déi „scolarisée“ vun der „Fir ons Kanner a.s.b.l.“, Member vun der Caritas, ënnere ginn. Dëst huet sech elo säit dem 1. Januar 2011 geännert.

D'Fëschbecher Gemeng, vertrueden duerch de Scheffen- a Gemengerot an dem Gemengesekretär, dem Här Patrick Delmarque, huet mat der A.s.b.l. Fielser Biddestëpp, vertrueden duerch hir Präsidentin, d'Madame Christiane Hamus, dem Fielser Buergermeeschter, dem Här Pierre Wies an dem Luc Jemming, en neie Kontrakt ënnerschriwwen, deen de Fielser Biddestëpp, d'Gérance vun eisen zwee Haiser uvertraut.

D'Mélanie Schumann, Haaptresponsabel vun eiser Maison Relais bleift eis mat senger Equipe erhalen. Si hunn nei Aarbechtskontrakter mat de Fielser Biddestëpp ofgeschloss, bei deem si all déi Avantagen, déi si bei „Fir ons Kanner a.s.b.l.“ haten, och behalen.

No deem administrativen Deel ass du nach bei engem Glas Crémant a „Pain surprise“ op eng gutt Zesummenaarbecht ugestouss ginn.



Pilotprojekt in der **Lehrer-Eltern-Seminar „Lernen macht Spaß!“** **Wie Eltern das Lernen ihrer Kinder unterstützen können**



Lehrerseminar



Elternseminar luxemburgisch

Auf Initiative der Elternvereinigung und mit Beteiligung von engagierten und motivierten Eltern, Lehrpersonal aus der „Angsber Schoul“ und Mitarbeiterinnen der „Maison relais“ fand im November 2010 dieses Seminar statt.

Wir danken der Gemeinde Fischbach, der FAPEL und dem Unterrichtsministerium für die finanzielle Unterstützung. Ein großes Dankeschön geht ebenfalls an die Seminarleiterin Astrid Wirth und den Übersetzer Jean Bredimus.

Einen ausführlichen Artikel inkl. französischer Übersetzung können Sie nachlesen unter www.fapel.lu. Für Sie haben wir heute einen äußerst persönlichen Bericht.

Viel Spaß beim Lesen. Andrea Wagner

Persönliche Gedanken über das Seminar „Lernen macht Spaß! -Oder?“ von Bärbel Frey, Fischbach

Ein persönliches Highlight meines Jahres 2010. Endlich mal wieder «die Schulbank drücken» und meinen Horizont in unbekannten Gefilden erweitern. Gelernt habe ich schon immer gerne, aber wie man bzw. ICH richtig lernt, das wusste ich noch nie. Mit dieser Frage kam ich hin ins Seminar. Bekam ich meine Antwort?

Viele mir bisher unbekannte Informationen konnte ich aufsaugen wie ein Schwamm, u.a. die über die verschiedenen menschlichen Lerntypen: in Anlehnung an die Sinnesorgane, die beim Lernen beteiligt sind, spricht man von **auditiven, visuellen, kommunikativen und motorischen Lerntypen**.

Das Seminar brachte mir so manche Erleuchtung:

Mir war z. B. ganz klar «wenn meine Kinder Hausaufgaben machen, dann brauchen sie einen Schreibtisch an einem ruhigen Ort zum Lernen» - NONSENS!

Wie komme ich auf solch abstruse Ideen? - Weil ich immer nur an MICH denke und wie ICH am liebsten gelernt habe, nämlich in meinem stillen Kämmerlein und es durfte keine Biene summen und kein Vögelchen zwitschern, weil ICH brauchte meine Ruhe.



er Angsber Schoul ernen macht Spaß!-Oder?“ Kinder unterstützen können.



Elternseminar luxemburgisch



Elternseminar französisch

Wer sagt mir, dass meine Kinder nicht lieber in der Küche, auf dem Boden im Wohnzimmer, mit klassischer Hintergrundmusik oder gar im Wald spazierend von Vogelgezwitscher umgeben ihre Vokabeln singend lernen, weil sie eben einfach ANDERS sind als das manchmal so überwichtige ICH?! Ich habe es mir hinter die Ohren geschrieben.

Mir war auch bisher ganz klar, dass ein Diktat folgendermaßen abläuft: Ich sitze und schreibe das auf was ich höre. Erzählt man mir im Seminar etwas von einem «Laufdiktat», welches sich folgendermaßen darstellt: die Sinneinheiten der Sätze des Diktats hängen an der Wand, die Kinder laufen hin, merken sich die Sätze, laufen zurück zum Platz und schreiben erst dann auf. Für viele Lehrer sicher nichts Neues, für manche Eltern sicher doch.

Still zu sitzen ist für manche Kinder eine enorme Anstrengung, die viel Konzentration kostet. Unter dieser Anspannung fällt es ihnen schwer, sich ganz auf das Schreiben zu konzentrieren. Bewegung hilft ihnen beim Lernen. Ihr Bewegungsdrang wird abreagiert und sie können sich besser aufs Schreiben konzentrieren und zusätzlich wird die Merkfähigkeit trainiert.

Ja, GENIAL, ich bin BEGEISTERT! Hätte mich vielleicht damals «aus dem Takt» gebracht, aber ICH muss ja kein Diktat mehr schreiben. Aber versuchen tu ich's trotzdem mal.

Dieses Seminar zu besuchen, war eine «Reise» wert. Und «ja», ich bekam meine Antwort. Ich weiß jetzt schon ein wenig mehr darüber wie man, pardon, wie ICH richtig lerne. Jedoch stelle ich fest: was für mich gut ist, ist es noch lange nicht für mein Kind!

Das Wichtigste, was ich mitnehmen kann, ist demnach Folgendes: der Mensch ist ein INDIVIDUUM. Lass ihm seine Freiheit. Wer zu viele Grenzen hat, wird sich nicht kreativ entwickeln können. Ich versuche ständig, es mir zu sagen.

«Kreativität ist wirklich nichts unfassbar Schwieriges oder Geheimnisvolles..., jeder, der denken kann, ist auch fähig, Ideen zu haben» (Stephen Baker)

Fotos: Andrea Wagner & Frank Weyrich



Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 16 décembre 2010

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Spautz, Braun, Kraus,

Absent: Spiewak

Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de prendre à l'ordre du jour la discussion sur le principe de mise à disposition aux citoyens de la surface du toit du « Veräinshaus » en vue de l'installation de panneaux photovoltaïques.

Toutes les décisions sont prises à l'unanimité des voix.

1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 5 octobre 2010.

2) Est approuvé le devis estimatif au montant de 70.000,00 EUR ttc concernant l'aménagement de l'aire de jeux de la place de l'église à Angelsberg.

3) Est approuvé le devis estimatif au montant de 140.000,00 EUR ttc concernant le renouvellement de la conduite d'eau potable dans la rue de l'église à Fischbach.

4) Est approuvé le compromis de vente du 2 décembre 2010 conclu entre l'ACFischbach et les consorts Bidinger en vue de la vente au prix total de 65.000,00 EUR d'un terrain à Fischbach d'une superficie de 17,10 ares et portant le numéro cadastral 188/948.

5) Est approuvée la convention du 29 octobre 2010 conclue avec l'Administration des Biens de SAR concernant le captage de la source Laangegronn à Fischbach.

6) Est approuvée la démission avec effet immédiat de Monsieur Patrick Delmarque des fonctions de délégué à la sécurité dans la fonction publique auprès de la commune de Fischbach

7) Est décidé de reporter le point concernant la formulation de l'avis sur le « document scoping relatif à l'évaluation environnementale du plan de gestion de district hydrographique du Luxembourg » à l'ordre du jour d'une séance ultérieure.

8) Est approuvée à l'unanimité des voix, la convention du 2 décembre 2010 entre la commune de Fischbach et la société WIESEN PIRONT de 88, rue de Luxembourg L-8140 Bridel concernant la réalisation d'un PAP au lieu-dit «rue Beringerberg » à Angelsberg et prévoyant la construction de 4 maisons unifamiliales.

9) Est approuvé le budget rectifié de l'Office social de l'exercice 2010.

10) Est approuvé le budget communal rectifié de 2010 :

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	2.980.188,26	240.748,08
Total des dépenses	2.629.655,94	1.193.931,09
Boni/Mali propre de 2010	350.532,32	-953.183,01
Boni du compte de 2009	2.303.475,04	
Boni/Mali général	2.654.007,36	-953.183,01
Boni présumé fin 2010	1.700.824,35	

Est approuvé le budget communal de 2011 :

	Service ordinaire	Service extraordinaire
Total des recettes	3.388.300,00	663.147,54
Total des dépenses	2.835.282,63	2.796.691,55
Boni/Mali propre de 2011	553.017,37	-2.133.544,01
Boni présumé de 2010	1.700.824,35	
Boni/Mali général	2.253.841,72	-2.133.544,01
Boni définitif 2011	120.297,71	



11) Divers.

12) Point supplémentaire : Discussion sur le principe de mise à disposition aux citoyens de la surface du toit du «Veräinshaus » en vue de l'installation de panneaux photovoltaïques. Le secrétaire se renseignera auprès de la commune de Beckerich afin de recevoir des détails sur la procédure à respecter, vu qu'une telle installation y fonctionne déjà depuis des années.

INFOS - VACANCES 2011

Chers parents,

Veuillez noter les périodes de fermetures annuelles 2011 des Maisons Relais de Larochette et Fischbach:

Vacances d'Été:

Maison Relais de Larochette du 01.08 - 15.08.2011 inclus.

Maison Relais de Fischbach du 15.08 - 28.08.2011 inclus.

Vacances de Noël:

Maison Relais de Larochette du 19.12 - 26.12.2011 inclus.

Maison Relais de Fischbach du 26.12 - 01.01.2012 inclus.

Durant la fermeture des deux Maison Relais, nous offrons un service réduit pour les enfants dont les deux parents doivent travailler (avec certificat de travail obligatoire), c.-à-d. les enfants de Larochette seront accueillis dans la Maison Relais de Fischbach à Angelsberg et vice-versa. Le transport des enfants devra être effectué par les parents.

Merci de votre compréhension.

Maison-Relais vun de Fielser Biddestëpp a.s.b.l.

1500 Euro für Projekt in Haiti

Vereinigte Chöre Angelsberg-Fischbach spenden Erlös des Pfarrfestes

Anlässlich des Cäcilienfestes fand ein feierliches Hochamt in der Pfarrkirche in Angelsberg statt, das von Pfarrer Pierre Reuter zelebriert und von den vereinigten Chören Angelsberg-Fischbach musikalisch mitgestaltet wurde. Die polyphonen Gesänge standen unter der Leitung von Dirigent John Daems, derweil Camille P. Kohn an der Orgel begleitete.

Während der Messe kam Schwester Saint Joseph, Vertreterin der Soeurs de la Doctrine Chrétienne aus Heisdorf, zu Wort, die sodann umfassend über die katastrophalen Zustände auf Haiti und über das soziale Projekt zugunsten der durch Erdbeben schwer angeschlagenen und neuerdings auch noch von der Cholera heimgesuchten mittelamerikanischen Insel (Objectif Tiers-Monde) referierte. Nach der Eucharistiefeyer wurde der Ehrwürdigen Ordensfrau ein Scheck in Höhe von 1500,-€ zu treuen Händen überreicht, für den sie sich bedankte. Das Geld



stammte aus dem Erlös des von den genannten Chören traditionsgemäß organisierten Pfarrfestes. Worte des Dankes ergingen an die Organisatoren sowie an alle freiwilligen Mithelfer, die mit beharrlichem Engagement zum Erfolg der sommerlichen Volksfete beigetragen hatten. Auch wurde der vier kürzlich verstorbenen Chormitglieder mit je einem Blumenarrangement und einem Gebet auf den Friedhöfen Meysemburg und Fischbach gedacht. Ein vorzügliches Bankett im nahen Imbringen schloss die Feier ab.

Text: Camille Kohn
Foto: Mich Daems



Soirée a





amical e





D'Spillschoulsjoffer Marie-Jeanne

geet a Pensioun

Do ënnesche bei Fréiseng, dat gitt der lo gewuer
Do ass net wäit vun onser Stat, d'Gemeng Weiler-la-tour

Déi Weiler hate mech, zwee-a-siwwenseg geruff
An d'Spillschoul bei sech deemols, an eng winzeg Stuff

Se wor sou kleng d'Pult gOUNG net ran, stelle mer dat an
d'Keelt?
Ma neen du goufen d'Miniën, einfach an 2 gedeelt.

An Hueff, huet d'Baurenhaus, meng Spillschoul du geheescht
D'Häre vum Schloss deemols, haten sech d'Haus geleescht



Mam fënneften a sechsten, hunn ech 6 Joer hei
Gewerkelt a gebastelt, an 3 gewunnt derbei

Eng Fënster vun dräi, krut ee nëmmen op
Virdrunn ee décke Mëschtékoup, mam Hunn uewendrop.

Weiler wor eng ganz schéin, ma ustrengend Zäit
Mat 35 Kanner huet een sech du gehäit

Du gounge mir op Fëschbech, d'Steffi, den Tun, de Pit
Well an der 6 Jor Weilerzäit, hat ech déi alleguer kritt

3 Joer wor ech dunn, beim Tun a Steff doheem
ganz séier ass di Zäit verflunn beim Spill an hiren Dreem

Nonzéng een an achtzeg gouf ech op Schous gewielt
Du wor fir mech fir d'Schaffen, déi Bier alt mol geschielt

Mäi Papp, meng Mamm, d'Schwéierfamill wore strikt dergéint
Bleif heiheem, et ass zevill, 'tass schwéier wéi et schéint.

Mäi d'Steffi mat 3 Joer, a nëmmen véier Méint
konnt deemols mat an d'Spillschoul, hat huet vu Freed
gekréint

Vun Angsbrég kouw och d'Sandra, hatt hat grad just verspillt
Di zwee, di hunn deemols, vum Preecoss, näischt gefillt

An d'Schoul koumen d'Kanner, am Merten sengem Bus
Dofir wor bei ons deemols méi spéit wéi 12 Schluss

Dem Merte säi Bus, wor eng Iddi kleng
Ma frou fir all Transportfahrt vum Merten wor d'Gemeng

Hei Moies fréi am Wanter, nach däischter wéi am Sack
Gouf d'Schoulgon ofgeblosen, beim Merten klemmt seng
Paart

Oder eng aner Kéier, fréi Moies an dem Schnéi
Du wollt den ale Motor vu Keelt einfach net méi

Oder de Schnéi louch ze héich, uewen um Plankenhaff
Da wor keng Schoul, ganz einfach, do staunt der, sidd der paff

A well de Bus sou kleng wor ass hie méi dacks gefuer
Sou gOUNG et mat der Schoulzäit, iwwerhaapt net duer

Sou hate mer an der Spillschoul, mëttwochs-mëttes fräi
Dir mierkt de Schoulinspekter, wor guer net dacks derbäi
D'Kollegen, d'Kolleginnen, aus de Gemenge rondrëm
wollten och onsen Horaire, du wor d'Zäit Merten ëm.

Zu Schouss hat d'Schoul gutt Noper, ech hu se alt gebraucht
Beim Backen a beim Kachen, a wann ee Fouss verstaucht.

Hu mir gebraucht een Hummer, Stréi, Hee oder ee Nol
Da gounge mir ganz einfach eriwwer, bei Tun's Paul

Wann d'Noper mol Zäit haten, se wollten eng Verschnauff
Da koumen se bei d'Spillschoul, da gouf et eng Schnësspaus

Zu Schouss gouf et kee Schoulhaff, mir haten ee Stéck Wee
Op deem si mir gerannt, d'Grenz wor ee Bam genee.

Dee Wee wor och fir d'Bauern, mat Trakteur a Geschier
Da goufe mir béis dreckeg, a bloufe bei der Dir

Eng Wiss wor hannerunn, onsem Spillschoulsgebai
Mat Klunsel, Zuch a Sandkëscht, ee Kloterbam derbei

Eng Zäit laang, du wor d'Wieder siwe Woche schlecht
Dat wor fir d'Nopesch-Gänsen, super an immens echt

Di zwou hunn déclaréiert, d'Spillplaz, dat wir hir
Awer wéi d'Wiss gedréchent wor, koumen alt rëm mir

A wupp du gouf onst Julie, pang a seng Hand gebass
De Noper gouf geschriwwen, wat op der Wiss wor lass.

Du kruten ons gutt Noper, als Grenz eng heimesch Heck
D'Kanner di sinn derduerch geditzt, ech krut alt mol ee
Schreck.

Di Zäit hate mir keen Turnsall, mir gOUNG an de Bësch
Do goufe mir gutt kënneg, zu Schouss an och Fëschbech

Och gounge mir mol trëpplen op Fëschbech bei di Grouss
Zesumme Mesebuerg, Angsbreg, Leewent zeréck op Schous

Dat wor fir déi kleng Been, lëschtég a vill Spass
Gären hu si do mat gemaach, mat de Grousse vum Här Haas

D'éischt, zweet, drëtt, véiert Schouljor di woren zu Angsbreg
Samschdes hate mir een Treffen beim Theo zu Fëschbech



Mir woren dunn zu véier deemols um Apero
Samschdes vun 11 Auer bis 12 wore mer do

Zu 4 ass méi einfach ze man ee klengen Treff
Wéi wann de Grupp méi grouss ass, dat weess all klenge Jeff

Deemols wor ons gutt Spillschoul nach net richtig erkannt
Eltren hunn dra kee Sënn gesinn, kee Virdeel fir hiert d'Kand

Léier se, liesen, schreiwen, an d'Plaz dat villt Gespills
Wat soll dat Faarwe reiwen a Plastilinn-gefills?

De Jim vu Kéideng an den Heinz, hunn alles gefléckt
De Misch vu Lëntgen an den Ed, gerechent a gedréckt

D'Marie-Louise am Meldeamt, huet all ons Post verdeelt
All Mënsch an Datum huet hatt kannt, wor um Dill och an der Keelt

De Buergemeeschter Charel, hat mech hei hi genannt
Bei dem wor ech gutt versuergt, d'ganzt Land huet hie kannt

Dann hunn ech och de Fern erlieft, an der Fëschber-Gemeng
Dono erëm de Charel, well onse Fern dee stierwt.

Lo régéiert onst Marianne, seng Aufgab ass ganz grouss
D'Gemeng, d'Crèche, d'Maison Relais, d'Verantwortung bleift grouss

Op all Duerf wor d'Schoul kleng ginn, op Angsbreg gouf gebaut
Dat hat ee Strapp gedauert, bis Ministère erlaubt

Ech hat mech riseg deemols, op een Turnsall gefreet,
de Ministère huet dee gestrach, eriwuer wor di Freed.

Endlech wor de Bau fäerdeg, ganz schéin a risegrouss.
Ma vill vermësst hunn ech, dee schéine Bësch zu Schouss.

Fir d'Schoul schéin anzeweihen, hu mir vill geprouft
De Karneval der Tiere, d'Aarbecht huet gedrouft

Zesumme mat dem Lucie, dem Edmond a mat mir
Hu mir gepaapt eng Fuesvakanz, d'Famill di weist op d'Stier

Am Préau gouf eng Bühn, mat Panneauën opgeriicht
De Vrehens Paul an Elcheroth, hunn déi ausgediicht

Mäi Räich zu Angsbrég gouf beneid, et wor kammoud
immens
Mat enger schéiner Spillplaz an enger Heck als Grenz

Du koume ganz vill Kanner, op d'Welt an der Gemeng
Gedeelt gouf meng Märchewelt, se gouf ëmmer méi kleng

Koum d'Michelle d'Catalina, et wor der ee Genoss
Hannert eng hëlze Schibedier, mir haten de Précocé

An d'Kiche koum onst Sarah, nach eng Spillschoulsklass
Op mengem Spillschoulsterrain, do ass well eppes lass.

Bei Reen si mir dobannen, de Préau ass verbaut
Well doranner ass elo, d'Maison Relais verstaute.

Inspekteren hat ech aacht, a menger laanger Zäit
Mir hunn ons gutt verstanen, se hu mech net gehäit

Bock, Dietrich, Portante, Rief, Strauss, Reding, Mainini,
Diane Duhr
Si wore ganz ëmgängelech se hu gehollef nur

Dann hate mir schéi Fester mat de Kanner all
Gehollef hu vill Eltren, de Laurent allefall.

Sou krut ech méi Kontakt mat Aender, Mill, Jacque
Samantha, Sim, Joana, Edmond a Lucie

De Laurent wor mäi Schüler, a mengem Tun säi Frënd
Dee wor ëmmer fir d'Kanner do, hat öfters eng kuerz hënt.

Gäer denken ech un d'Schoulfest, am Summer mat vill Freed
Eng Zäit laang huet den Edmond an ech déi virbereet

De Gast hat sech mol agesat, de Fierschter vu Fëschbech
Du krute mer an de Préau, eng Bach mat engem Bësch

Néng Joer gounge mer turnen, an d'Fiels bei onse Georges
Hien huet mer alles opgeriicht, gebaut och alt ee Porsch.

De Carlo kuckt no Luten, den Nico kiert den Dreck
An onse Gärtner Mike setzt mat de Kanner d'Heck.

Op der Gemeng am Büro, schafft d'Michèle, d'Marilys
Zesumme mat dem Patrick, si meeschteren all Kris

Laang hunn ech Iwwerstonnen, ganz eleng gehal.
Herno mouch d'Christiane dat, d'Samantha an d'Livia

Eent wëll ech net vergiessen, et ass d'Pärel Brigitte
Huet alles an der Rei gehal, hat gouf ni domat mitt

Schéi wor och d'Zäit mam Linda, mam Christiane vun dem
Bierg
A lo mäi leschte Joer am d'Zikel eent mat iech.

Draihonnertfofzeg Kanner, ech wor mat hinne frou
Ech wäert se ni vergiessen a menger Rente-Rou

Iech all een décke Merci, et wor eng ganz schéin Zäit
Och wann dat villt Gewibbels mech alt mol huet gehäit.

Eent wëll ech nach ernimmen, et ass villeicht net fäin
Ech hat an all deene Joeren, keen eenzege Krankeschäin.



Text: Marie-Jeanne Schlechter, Abschiedsried bei der Soirée amicale.

Fotoen: Al. Theisen a Marc Kolber

Liichtmëssdag

Am 2. Februar feiert die katholische Kirche 40 Tage nach Weihnachten das "Fest der Darstellung des Herrn". Bis zum Zweiten Vatikanischen Konzil in den 1960er Jahren wurde der marianische Aspekt in den Vordergrund gestellt, weshalb das Fest auch bis heute als "Maria Lichtmess" bekannt ist. Traditionell wurden am 2. Februar die Kerzen für das ganze Jahr geweiht, und häufig wird in den Gottesdiensten auch der Blasiussegen erteilt. Der Heilige Bischof Blasius hat der Legende nach einem Kind, das drohte an einem Knochen zu ersticken, das Leben gerettet. Deshalb wurde er der Fürsprecher von Menschen, die an Halskrankheiten leiden. Beim Blasiussegen werden zwei gekreuzte Kerzen vor den Hals des zu Segnenden gehalten und die Worte gesprochen: "Auf die Fürsprache des Heiligen Blasius bewahre dich der Herr vor Halskrankheiten und allem Bösen." Der eigentliche Festtag des Blasius ist aber der 3. Februar. In alter Tradition ging mit "Maria Lichtmess" auch das Wirtschaftsjahr in der Landwirtschaft zu Ende, was den Mägden und Knechten einige freie Tage und den Wechsel des Arbeitgebers ermöglichte. Rund um den 2. Februar sind außerdem auch verschiedene Bauernweisheiten entstanden. Die populärsten lauten: "Lichtmessen ist der Winter halb vergessen" und "Wenn's an Lichtmess stürmt und schneit, ist der Winter bald vorbei".



Fischbach



Fischbach



Schoos



Angelsberg



Schulweebegleeder





De Samschdeg, 12. Februar 2011, sinn 27 Schoulkanner aus eiser Gemeng fräiwëlleg an d'Schoul komm, fir sech zum Schoulweebegleeder ausbilden ze loossen.

Am Ganze waren 30 Schüler aus de Cyclen 3 a 4 ugesprach ginn, 28 hate sech ugemellt, 1 Schülerin huet leider misse wéinst Krankheet ofsoen. Déi Formatioun huet vu moies 9 Auer bis nomëttes 16 Auer gedauert, mat enger Mëttespaus vun 12 bis 13.30 Auer.

De Projet „Schoulweebegleeder“ vun der Police Grand-Ducale ass eng ganz besonnesch Form vu Gewaltpräventioun an der Schoul, bei där et ëm d'Thema Sécherheet um Schoulwee geet, souwuel am Schoulbus wéi och um Wee zu Fouss an d'Schoul.

„Wat ass Zivilcourage?“ Dat war dem André Leick, Formateur a Commissaire bei der Police Grand-Ducale, seng éischt Fro un d'Kanner moies, wéi et lass giong. D'Aarbecht vum Schoulweebegleeder besteet doran, ze hëllefen, ouni sech selwer a Gefor ze bréngen, huet hien ënnerstrach.

Eis Schüler hunn am Laf vum Moien no Äntwerte gesicht op Froe wéi:

Wat ass Gewalt?

Wéini hält d'Spillen op a wéini geet d'Gewalt un?

Wiem hëllefen ech?

Wat ass klappen, wat ass hëllefen?

Si hu geléiert, dass dee gréisste Feind vun der Gewalt, d'Mateneeschwätzen ass, dass si wa méiglech am Team schaffe sollen, dass si net ewechkucke sollen wann aner Leit a Gefor sinn, dass si dem Affer bäistoe sollen, dass si Virbild si sollen, andeems si mam gudden Beispill virginn, an dass si als Schoulweebegleeder eigentlech net méi maachen, wéi och aner Leit fir hir Matmënsche maache missten.

Eis 27 Kandidaten hunn den Erklärungen gutt nogelauschert, si hu fläisseg Äntwerte ginn an och gutt bei de Rollespiller matgemaach. Dat war jiddefalls den Androck, deem déi Erwuessen hannen am Sall haten, Elterevertrieeder, Polizisten a Léierpersonal. Et huet ee gemierkt, dass si all mat de Gedanken derbäi waren, an den Här Leick huet hinnen dat schwieregt Thema flott presentéiert mat sengem gudden Geschéck a mat sengem professionelle Wëssen.

No der Spaghettismoolzecht an der Angsber Stuff, ass den Training weidergaang. Déi zwee Buschauffere Carlos a Norbert sinn nomëttes laanscht kucke komm a si hate souguer eise Schoulbus matbruecht, fir zesumme mat de Schüler d'Virgoe vum Schoulweebegleeder méiglechst echt kënnen ze üben. Zum Schluss vun der Formatioun, kruten d'Kanner eng Informatiounsbrochür fir doheem kënnen nozeblieder, wat si alles deem Dag geléiert hunn.

D'Haaptzil vun der Formatioun bestung net eleng doran, Gewalt um Schoulwee ze vermeiden a sou zu enger besserer Schoulatmosphär bäizedroen. Et giong och drëm, de Schüler eng Geleeënheet ze bidden, sech selwer méi sécher ze spiren, elo an och an Zukunft, wa si an eng aner Schoul wäerte goen, an dat och net nëmmen um Wee fir an d'Schoul, mä och an anere Situatiounen.

A wie weess, vläicht wëllen eis Schoulweebegleeder spéider hiert Wësse weiderentwéckelen a sech zum Sträitschlichter ausbilde loossen, fir sou kennen derzou bäizedroen, dass mir Mënschen méi fein a méi fair mateneen ëmginn.

E puer Deeg no der Formatioun, kruten déi nei Schoulweebegleeder während enger klenger Feierlechkeet am Hall vun der Angsber Schoul hiren Diplom an hire Badge, mat deem si sech an Zukunft kënnen ausweisen. A Präsenz vun hiren Elteren, der Madame Buergermeeschter an dem Schäfferot, dem Här Leick an der Police aus der Fiels, dem Här Hoffmann an de Buschaufferen vun der Firma Sales-Lentz, de Vertrieeder vun der Elterevereenegung an dem Léierpersonal, goufen déi 27 Schüler belount fir hir Ustrengungen.

Am Numm vum Léierpersonal huet den Edmond Haas d'Schoulweebegleeder felicitéiert an alle Leit Merci gesot, déi bei deem Projet bedeelegt waren, der Busfirma fir hire Sponsoring, der Gemeng Fëschbech fir de Patt, a besonnesch dem Här Leick fir seng Mataarbecht.

Text: Edmond Haas a Fotoen: Andrea Wagner & Ren Spautz




KANNENVER





FESTIVAL






Säit e puer Méint hu mir eng nei Homepage, <http://www.acfischbach.lu>
Mir soen hei e besonnesche Merci un de Ray Groen In't Woud vun
Angelsbiërg, dee benevol vill Stonnen domadder verbruecht huet, dëse
Site obzebauen.

Zesumme mat senger Fra, eiser Mataarbechterin op der Gemeng, dem
Michèle Scholtes an eisem neie Mataarbechter, dem Serge Hoffmann
vu Fëschbach, hu si se dunn online gesat an de Ray huet déi Zweek
doranner agefouert, fir se an Zukunft aktuell ze halen.

Nei ass z.B. datt Der sämtlech Gemengeblieder, déi bis elo erauskomm
sinn op eiser neier Homepage kënn nobliedern.

Et lount sech jiddferfalls emol era kucken ze goen.



Nei
Homepage
propagande



B
U
E
R
G
B
R
E
N
N
Z
E
N
Z



Fäschbech



Schous



Angelsbierg



Hobby-Seite

Laura Weyrich
aus Angelsberg



Bisher war ich der Meinung, schwimmen zu können. Nach dem Gespräch mit Laura Weyrich aus Angelsberg, weiß ich, dass das, was ich „schwimmen“ nenne, nicht untergehen heißt.

Als Schwimmerin wird man nicht geboren und als Laura das Licht der Welt im Jahre 2001 in Darmstadt (Deutschland) erblickte, war ihr Leben wie das anderer Kinder auch, nämlich über Wasser.

Erst als sie mit ihren Eltern 2005 nach Angelsberg umzog und mit Freunden nach Mersch ins Schwimmbad ging, erwachte in ihr das zweite Ich, der Fisch. Denn wie ein Fisch gleitet Laura heute durchs kühle Nass und das will gelernt sein, aber fahren wir der Reihe nach weiter.

Als das Schwimmbad in der Merscher Schule schloss, ging es ins neue Schwimmbad Krounebiert in Mersch. Nach kurzer Zeit trat Laura jedoch dem Ettelbrücker Schwimmverein, dem Swimming Club le Dauphin Ettelbrück (SCDE) bei.

Hier entdeckte Laura ihren Spaß daran, Bahnen zu ziehen und innerhalb von einem Jahr hatte sie bereits die zwei Perfectionnement-Gruppen durchlaufen.



Hier lernte sie die verschiedenen Stile, wie Brust-, Kraul-, Rücken- und Schmetterlingsschwimmen.

Heute trainiert sie in der Nachwuchsgruppe „Espoirs“ dreimal die Woche insgesamt 4 Stunden. In der Regel schwimmt sie dabei 7 Kilometer. Wie man sich vorstellen kann, bedarf dies viel Disziplin und Ausdauer. Dabei wird sie von ihren Eltern in ihrem Hobby voll und ganz unterstützt.

Mit Begeisterung zeigt mir Laura ihre „Schwimmausrüstung“, die nicht nur aus Badeanzug und Bademütze besteht, sondern zusätzlich aus Flossen, Schwimmbrett und -brille, Paddles und Pullboy. Besonders stolz ist sie auf ihre Wettbewerbs-Ausrüstung mit Logo und Beschriftung vom SCDE. Schließlich befindet sie sich dabei in bester Gesellschaft mit unseren Olympiateilnehmern Christine Mailliet, Raphaël Stacchiotti und ihrem großen Vorbild Laurent Carnol, die alle dem gleichen Verein angehören.

Erst ab 7 Jahren dürfen Kinder an Wettbewerben teilnehmen. Vorher müssen sie jedoch sport-medizinisch von Ärzten untersucht und für tauglich erklärt werden.

Seit ihrer ersten Medaille, die sie im Alter von 8 Jahren gleich bei ihrem ersten Rennen gewann, hat sich ihre Sammlung beträchtlich vergrößert. Mit Stolz zeigt sie mir auch die vorläufige Krönung, eine Goldmedaille über 100 m Rücken.

Geschwommen wird im 25-Meter-Becken nicht nur in Luxemburg, sondern auch im nahen Ausland. Bei diesen Wettkämpfen nehmen ca. 200 Schwimmer teil, und zwar in den bereits genannten Schwimmarten sowie in Lauras Lieblingsdisziplin 4-nages, bei der jeweils eine Bahn Schmetterling, Rücken, Brust und Kraul nacheinander geschwommen werden. Im Wettkampf müssen Start, Arm- und Beinbewegung, Wende und Anschlag zu hundert Prozent stimmen. Bei jedem Rennen überwachen mehr als 20 Schiedsrichter, dass die Regeln eingehalten werden.

Wer nun meint, Schwimmen wäre eine Einzelsportart, der vergisst, dass es zusätzlich auch Team-Schwimmen gibt. Staffeln und Mannschaftspokale können gemeinsam gewonnen werden, wie eines der Fotos zeigt.

Somit ist Schwimmen nicht nur eine gesunde Sportart, sondern durch die erforderliche Disziplin und notwendige Ausdauer auch förderlich für den Geist. In einer tollen Gruppe wie beim SCDE macht es ihr

ganz viel Spaß, so wie es bei einem Hobby sein sollte.

Wir wünschen Laura weiterhin viel Erfolg!

Text: Ren Spautz & Fotos: Andrea Wagner, Frank Weyrich und Marco Stacchiotti





Hierkeniessen

Senioreveräin Gemeng Föschbech



De 25. Februar hat de Senioreveräin säin traditionelt Hierkeniessen. Am Ganze sinn 300 Hierkefilleten an 30 Hameschmieren zervéiert ginn.

E grouse Succès, sou datt mir schonn elo op eist nächst Hierkefest am Mäerz 2012 invitéieren.

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding a Fotoen: Dany Hermes

Generalversammlung CTF a Senioreveräin

Am 11. März 2011 fand die diesjährige Generalversammlung vom "Gaart an Heem Gemeng Föschbech" im Vereinshaus "op der Héicht" statt.

Präsidentin Christiane Kirtz begrüßte die anwesenden Mitglieder, sowie die Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber. Herr Charles Thilgen, Ehrenpräsident, hielt einen interessanten Vortrag mit Dia-Show über unser traditionelles "Schluechtfest", sowie den Weihnachtsmarkt in Monschau. In diesem Jahr beteiligen sich die Einwohner am Wettbewerb "Village Fleuri", der auch durch die Gemeinde finanziell unterstützt wird. Nach Abschluss der Versammlung gab es Ehrenwein und bei "Schnittercher" und Gratis-Tombola schloss der Verein seine Generalversammlung ab.

Der Vorstand setzt sich wie folgt zusammen:

Präsidentin: Christiane Kirtz-Ewen

Vizepräsidentin: Marie-Anne Kauffmann-Heidemann

Sekretärin: Sylvie Spiewak-Lorang

Kassiererin: Marie-Louise Haas-Erpelding

Beisitzende: Alice Trausch-Huber, Anne Jacobsen-Perassolo, Dany Hermes-Balthasar



Am 6. März 2011 wurde im Vereinshaus "op der Héicht" in Schoos die 6. Generalversammlung des Seniorenvereines abgehalten. Präsidentin Marie-Louise Haas-Erpelding begrüßte die anwesenden Mitglieder, sowie die Vertreter der Gemeinde Fischbach. Die Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber dankte für die Einladung und hielt einen interessanten Vortrag über Alzheimer und Demenz, eine alte und neue Krankheit unserer Zeit. Hubert Lanckohr demissionierte als Vorstandsmitglied und Jean Bück trat an dessen Stelle.

Der neue Vorstand setzt sich wie folgt zusammen:

Präsidentin: Marie-Louise Haas-Erpelding

Vize-Präsident: Jean Bück

Kassiererin: Sylvie Spiewak-Lorang

Sekretärin: Marie-Anne Kauffmann-Heidemann

Beisitzende: Renske Kolber-Helmrath, Marie-Josée Weyland, Irma Unsen

Text: Marie-Louise Haas-Erpelding
Foto: Dany Hermes

Text: Ren Spautz & Fotoen: Alain Dichter & Ren Spautz

Grouss Botz

Et ass wéi Chrëschttag oder Sylvester, all Joer erëm, just net esou feierlech, éischer déprimant. An trotzdem komme vill Leit, fir den Dreck vun eise Matmënschen aus der Natur fachgerecht ewech ze maachen.

Et war dës Kéier anescht wéi soss. Mir hunn eis all op der Héicht beim Veräinsbau versammelt, wou de Laurent an de Mike vun der Gemeng, d'Leit op déi verschidde Plaze verdeelt hunn.

An dunn ass et och scho lass gaang. An där enger Hand eng Tuut, an där aner Hand eng Pick, esou hu mir dem Dreck de Kampf ugekënnegt.

Owes ass et vun der Gemeng eng Belounung ginn, dës a Form vun Ham, Fritten an Zalot.



Text: Ren Spautz & Fotos: Alain Dichter a Ren Spautz

De Spiecht

Text a Fotoen vum Olivier Molitor

Zu Lëtzebuerg komme 6 verschidden Aarte vu Spiechte vir. Si alleguer si bei eis Standvullen, dat heescht si fléien net an de Süden fir ze iwwerwanteren. An dësem Artikel wëll ech Iech dës verschidde Spiechte kuerz virstellen. D'Fotoen hunn ech alleguer an eiser Gemeng gemeet, bis op de „Kleng Spiecht“, dee sech haaptsächlech an de Bamkronen ophält a mer leider net virun d'Lëns wollt fléien.

„Schwaarze Spiecht“

d. Schwarzspecht, fr. Pic noir

De Schwaarze Spiecht ass de gréisste Spiecht dee bei eis am Land virkënnt. E leeft do wou et al Lafholzbestänn gëtt, ass awer net heefeg. Hie gëtt 45-47 cm laang, an ass domadder bal sou grouss wéi e Kueb. En zammert seng Hiel meeschtens an al Bichen héich um Stamm. Doranner leet e 4-6 wäiss Eeër ouni Naschtmaterial. Beim Weibchen ass de roude Kappfleck méi kleng wéi beim Männchen. De Schwaarze Spiecht frësst virun allem Insekten déi am Holz wunnen. (Foto: ♂)



„Bontspiecht“

d. Buntspecht, fr. Pic épeiche

De Bontspiecht gëtt 23-25 cm laang an ass domadder praktesch esou grouss wéi eng Märel. Hien ass eisen heefegste Spiecht a kënnt iwerall am Land vir, a Laf- a Mëschbëscher, ma och a Parken oder Feldbëscher. Och hie leet déi 4-7 wäiss Eeër ouni Naschtmaterial an déi selwer gezammert Hiel. D'Weibchen huet kee roude Fleck um Hannerkapp. E frësst allerlee Insekten, am Wanter och Nëss a verschidden Zorte Som. (Foto: ♂)



„Mëttelspiecht“

d. Mittelspecht, fr. Pic mar

De Mëttelspiecht gëtt ongeféier 21 cm laang an ass also e bësse méi kleng wéi de Bontspiecht. En ass néirens am Land heefeg. Hie leeft gären do, wou et al Eeche ginn, wou en an doudegt oder vermuuscht Holz seng Nisthiel zammert. Wéi all seng Koséng leet och hie seng 4-7 wäiss Eeër ouni Naschtmaterial an d'Hiel. D'Weibchen ass vum Männchen kaum ze ënnerscheeden. Hien erniert sech haaptsächlech vun Insekten an am Wanter och vu Som. (Foto: ♂)





„Kleng Spiecht“

d. Kleinspecht, fr. Pic épeichette

De Kleng Spiecht gëtt nëmme bis 15 cm laang, an ass also nëmme esou grouss wéi eng Mësch (Hausspatz). En ass domadder eise klengste Spiecht. Hien hält sech gär an a Laf- a Mëschholzbestänn op, awer och a Bongerten a Parken. Déi 4-6 wäiss Eeër leet en ouni Naschtmateriäl an déi selwer gezammelt Hiel, déi en, wéinst sengem schwache Schniewel, nëmme a mëllt respektiv vermuuscht Holz sammere kann. De Männchen ënnerscheed sech vum Weibchen duerch de rouden Kappfleck. Hie frësst besonnesch Insekten. Och hien ass néiers heefeg am Land unzetreffen. (Zeichnung: ♀ ♂)



„Gréngspiecht“

d. Grünspecht, fr. Pic vert

De Gréngspiecht gëtt bis 32 cm laang, an ass bal sou grouss wéi e Markkollef. E leeft gär an a Bongerten an a Parken, ma awer och a Lafholzbëscher. A seng selwer gezammelt Hiel leet en 5-7 wäiss Eeër ouni Naschtmateriäl. Déi zwee Geschlechter si bal net ze ënnerscheeden. De Männchen huet eng rout Sträif laanscht de Bärt, déi beim Weibchen schwaarz ass. Hie frësst haaptsächlech Insekten déi en um Buedem sicht. Seng Virleift gëllt dobei de Seejomëssen. Hie kënnt virun allem am Gutland vir, ass awer leider och do néiers heefeg. (Foto: ♂)



„Grospecht“

d. Grauspecht, fr. Pic cendré

De Grospecht gëtt ongeféier 26 cm laang, an ass knapp méi grouss wéi de Bontspecht. E leeft gär an a liichte Mëschbëscher, Parken oder Bëscher nieft fléissendem Waasser. Och hie brauch wéngst sengem méi kleng Schniewel vermuuscht oder faul Bamstämm, respektiv mëllt Holz wéi z. Bsp. Pëppelen. Déi 7-9 wäiss Eeër leet en an d'Hiel, déi en dra gezammelt huet. E frësst haaptsächlech Insekten. D'Weibchen huet kee rouden Fleck op der Stir. Well Lëtzebuerg genee op der Verbreedungsgrenz vu Westeuropa läit, gesäit een de Grospecht seele westlech vun enger Linn Veianen-Péiteng. (Foto: ♂)



De Spiecht spillt eng wichteg Roll am Naturhaushalt. Well en Hielen an d'Beem zammert, verschafft en domatt vill anere Vigel Wunnraum. Och Insekten a Flantermais profitéiere vun deenen Hielen. Et ass also wichteg, datt och faul Beem am Bësch stoe gelooss ginn. Datselwecht gëllt natierlech och fir Äre Bongert. Wann hei emol e Bam ufänkt ze faulen, oder d'Kroun erausbrécht an de Bam keen Uebst méi droe kann, ass et awer immens wichteg, och sou e Bam stoen ze loossen, ofgesinn dovunner datt och z. Bsp. de Steekäizchen esou Beem fir ze iwwerliewe brauch.

KINDER KOCHEN FÜR IHRE ELTERN



Am 12. März 2011 war im Vereinshaus viel los. Die Elternvereinigung hat uns Kinder der „Angsber Schoul“ eingeladen und wir kochten in der Küche ein Überraschungsmenü für unsere Eltern. Chefköchin Vicky hat uns dabei tatkräftig unterstützt und uns gesagt, auf was es ankommt, damit das Essen auch gelingt.

Beim Kuchenbacken waren wir alle dabei. Es gab „Petit-beurres-Kuch“ (das nächste Mal bitte Schokoladenkuchen – das ist einfacher zu schreiben). Außerdem haben wir Nudeln gekocht, Kalbsgeschnetzeltes zubereitet und Karotten in allen Formen vorbereitet. Kay war unser Kinder-Chef-Koch und hat seine Arbeit gut gemacht.

Auch die Tische zu decken, war jede Menge Arbeit. Wir mussten wirklich an alles denken: genügend Tische und Stühle hinstellen, an Teller, Servietten und Gläser denken, Bestecke richtig hinlegen, den Tisch mit Kerzen, Luftschlangen und anderen Sachen dekorieren.

Um 18:00 Uhr durften auch unsere Eltern ins Vereinshaus kommen. Dann gab es einen Aperitif und kurz danach war unser Überraschungsmenü fertig. Mariko, Alexandra, Laurie und ich waren die Kellnerinnen. Wir fragten die Eltern, was sie trinken wollten und kurz darauf brachten wir es ihnen. Zum Servieren vom Essen halfen auch wieder alle Kinder mit. Guten Appetit!



Beim Nachtisch gab es noch eine kleine Katastrophe, die nur wenige mitbekamen: Wir wollten den Kaffee mit dem Servierwagen unseren Eltern bringen ... der Weg war weit bis dahin. Weil wir zu schnell über die Rillen am Boden gefahren sind, ist der Kaffee aus jeder einzelnen Tasse übergeschwappt. Aber für uns war das kein großes Problem; wir haben einfach neuen Kaffee geholt und einzeln an die Tische getragen.

Es war ein schöner Tag, weil wir für alles zuständig waren und die Rollen mit unseren Eltern getauscht haben.

Text: Laura Weyrich, 9 Jahre alt

Fotos: Laura Weyrich, Andrea Wagner





Compte-rendu de la réunion du conseil communal du 15 mars 2011

Présents: M/Mme Brosius-Kolber, Karier, Trausch, Spautz, Braun, Kraus, Spiewak

Le conseil communal décide à l'unanimité des voix de prendre à l'ordre du jour les points supplémentaires suivants:

- Désignation du chef de corps et du chef de corps adjoint des sapeurs-pompiers de la commune de Fischbach
- Dénomination de diverses rues à Schoos.

- 1) Est approuvé le compte-rendu de la séance du 16 décembre 2010.
- 2) Est approuvé le devis estimatif au montant de 25.000,00 EUR ttc concernant l'installation de feux tricolores sur le carrefour à Angelsberg.
- 3) Est voté un crédit supplémentaire au montant de 8.000,00 EUR à imputer à l'article budgétaire ordinaire 3/0620/6331 – Prise en charge du déficit de l'Office social.
- 4) Sont approuvées les indemnités communales revenant aux agents-recenseurs et aux agents communaux chargés du contrôle des documents du recensement général de la population du 1er février 2011 comme suit:
Agents recenseurs :
1 € par immeuble recensé
2 € par ménage recensé

Agents de l'administration communale chargés du contrôle des documents :
0,20 € par individu recensé
- 5) Est décidé de revoir le dossier relatif à la mise en place d'une installation photovoltaïque en analysant les documents remis par le conseiller Ren Spautz et de reporter ladite décision à l'ordre du jour d'une séance ultérieure du conseil communal.
- 6) Est approuvé le décompte extraordinaire au montant de 43.536,36 EUR ttc relatif à l'assainissement du mur de soutènement du cimetière à Fischbach.
- 7) Est avisée favorablement l'inscription de l'immeuble, sis à Fischbach, 14, rue Grande-Duchesse Charlotte, section A de Fischbach, no 71/958, appartenant à Madame Pia Roth, à l'inventaire supplémentaire des monuments nationaux.
- 8) Est alloué un subside au montant de 450 EUR à l'association locale GAART AN HEEM afin de soutenir le concours VILLAGES FLEURIS 2011.
- 9) Est émis un avis favorable relatif au 'Document scoping relatif à l'évaluation environnementale du plan de gestion de district hydrographique du Luxembourg'.
- 10) Divers
- 11) Sont nommés pour le terme de cinq ans le sieur Lucien Karier au poste de Chef de Corps et le sieur Paul Vrehen au poste de Chef de Corps adjoint du service d'incendie et de sauvetage de la commune de Fischbach.
- 12) Est décidé de changer la dénomination de la 'rue Principale' à Schoos en 'Haaptstrooss' et d'attribuer également de nouveaux numéros de maisons ainsi que de nommer le chemin rural menant vers les lieux dits 'Hannert de Gaarden' et 'Schleid' en 'Hannert de Gaarden'.



Am 25. März 2011 lud die freiwillige Feuerwehr unserer Gemeinde zu einer akademischen Sitzung ins Vereinshaus „Op der Héicht“ in Schoos ein.

Es war die Angelsberger Wehr, die am 19. März 1911 gegründet wurde.

Erst im Jahr 1998 und zwar am 28. Januar, beschlossen die Feuerwehren aus Angelsberg, Schoos und Fischbach zu fusionieren, aus ihnen wurde die „Pompjeeën Gemeng Föschbech“.

Zu dieser Feier waren zahlreiche Ehrengäste erschienen. Es waren dies, Colonel Fernand Brosius in Vertretung von Großherzog Jean, der auch die Schirmherrschaft dieses 100. Jubiläum übernommen hatte, Innenminister Jean-Marie Halsdorf, Federations-Präsident Jean-Pierre Hein, Kommandant der Fischbacher Feuerwehr, Lucien Brosius, Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber, die Gemeinderäte, Sylvie Spiwak, Claude Trausch und Ren Spautz, Bürgermeister aus den benachbarten Gemeinden, sowie zahlreiche Einwohner unserer Gemeinde. Gesanglich wurde die Feier umrahmt von

der UGDA-Klarinetten-Klasse aus Fels unter der Leitung von Professor Jean-Luc Blasius mit seinen Schülern, Liz Heintz und Dani Barria De Sa.

Es war Lucien Karier, der zu Anfang seiner Rede, der Kollegen im japanischen Katastrophengebiet gedachte, ehe er betonte, dass das Wort Kameradschaft eine große Bedeutung habe und nur so unter optimalen Bedingungen im Interesse der Allgemeinheit gearbeitet werden könne.





Auch sprach er, wie auch nachfolgende Redner, die immer größer werdenden Anforderungen an den Feuerwehrmann an, mit dem Wunsch, dass sich neue Einwohner unserer Gemeinde der freiwilligen Feuerwehr anschließen.



Bürgermeisterin Marianne Brosius-Kolber kam auf den kürzlich geschehenen Arbeitsunfall von Gemeindearbeiter Nico Erpelding zu sprechen und wünschte ihm eine schnelle und komplette Genesung seiner schwer erlittenen Verletzungen, um sich dann an die Adresse von Innenminister Jean-Marie Halsdorf zu wenden, mit dem Wunsch einer schnellen Reorganisation der Feuerwehr und Rettungsdiensten. Es gab lobende Worte aus ihrem Mund an die Fischbacher Feuerwehr, die ihre freiwillige Arbeit zur vollsten Zufriedenheit aller Einwohner verrichten.



Es war dem Präsidenten des Organisationskomitees und Einwohner der Gemeinde Fischbach, Mill Majerus, vorenthalten, das Festreferat, untermalt durch eine Dia-Show von Lokalhistoriker Rol Miny, zu halten. Der Schwerpunkt dieses Referates lag auf dem Wort „Fëschbech“, in dem jeder Buchstabe seine individuelle Bedeutung hatte.

F wie „Feier an aner Katastrophen, E wie „Elan, Animation a Gesellegkeet“, S wie „Schoulung fir kompetent Pompjeeën“, C wie „Citoyenneté a Jugendaarbecht“, H wie „Helmer, Schläich a vill aner Equipementer“, B wie „Bénévolat: Force a Grenzen“,

E wie „Gott zur Ehr, dem Nächsten zur Wehr, C wie „Cooperatioun ass Tromp an H wie“Hëllef fir de Bierger: gëschter, haut a mar“.

Er würdigte die freiwilligen Feuerwehrleute als Vorbild des bürgerlichen Engagements und sprach auch die soziale und kulturelle Komponente an, die Aufgabe der Feuerwehrleute sei.

Zahlreiche Anekdoten aus früheren und heutigen Zeiten wechselten sich in der kurzweiligen Rede von Mill Majerus ab und lang anhaltender Applaus belohnte ihn für sein gelungenes Referat über das 100-jährige Feuerwehrwesen unserer Gemeinde.



Verbandspräsident Jean-Pierre Heinen bedankte sich beim Kommandanten Lucien Brosius, für die geleistete Arbeit und sprach die enormen heutigen Anforderungen jedes Einzelnen der freiwilligen Feuerwehr an. Aber ohne eine adäquate Weiterbildung ginge es nicht in einer immer mehr hoch technisiert werdenden Welt, wo eine gute Ausbildung das A und O bedeuten würde.



Das Schlusswort sprach Innenminister Jean-Marie Halsdorf. Seine Worte galten der Reform des Luxemburger Rettungswesen im Allgemeinen und dass alle an einem Strang ziehen müssten, um das gesteckte Ziel zu erreichen.

Auf charmante Art und Weise führten Lis, Anne und Saskia, Mitglieder der Jugendfeuerwehr, durch den Abend.



Nach einer letzten musikalischen Eingabe bat Bürgermeisterin Marianne Brosius, zum Ehrenwein, der von den Mitgliedern des Jugendvereines unserer Gemeinde serviert wurde.

Auch sei darauf hingewiesen, dass im November ein Festbuch über die hunderjährige Geschichte der Fischbacher Feuerwehr, das in Zusammenarbeit mit der Uni Luxemburg erstellt wird, herauskommt.



Hier das weitere Programm der hundertjährigen Feierlichkeiten der Freiwilligen Feuerwehr der Gemeinde Fischbach:

Mëttwoch, den 22. Juni 2011	Virowend Nationalfeierdag mat Fändelsweih
Sonndeg, de 26. Juni 2011	Feierfest
Samsdeg, den 2. Juli 2011	Nationale Jugendconcours
Vum 21.-24. Juli 2011	Mini Jugendcamp
Samsdeg, de 24. September 2011	Jugendrallye
Freideg, den 11. November 2011	Vernissage Fotos- a Materialausstellung
Vum 11.- 20. November 2011	Fotos- a Materialausstellung
Sonndeg, den 13. November 2011	Kiermesham